

Rondrëm eng Petitioun

Et ass keng iwweel Saach, wann emol een de Courage an d'Hand hält, fir eng Petitioun iwweel eis Sprooch an der Chamber „lasszeloossen“. D'Actioun-Lëtzebuergesch seet merci dofir an ass mam Prinzip vun der Initiativ averstan; den Detaill, dat ass eng Saach fir sech! Datt seng Petitioun ower esou eng „Streebomm“ giff ginn, dat hat och den Initiateur sech net gedreemt; nodeem, wat hie selwer seet/schreift, ass den Här Lucien Welter esouguer erfieert. Mir net! **Ronn 14 000 Ënnerschrëfte kann een iwweel ganz Familien a Computer-Kompetenz/Resistenz a Leit ouni PC eraus liicht op 150 000 Leit héichrechnen!** En Zeechen, datt eis Sprooch „in“ ass...mä geet dat duer? Et ass fir mech perséinlech ower och net domat gehal an net grad ganz fein, ee vum Radio aus um Tëlefon ze „erwëschen“, dat Gespréich dann opzehuelen... an ongefrot fir op d'Antenn ze zerschnëppelen. **Do wier jo op d'mannst eng zerguttst virbereet „table-ronde“ ze organisieren...** net dowäert? Keng Zäit? Keng Plaz? Iwweel jidfer Film gëtt all Woch laang a breet, philosophiert...

Kloererweis hu mir och ewell zënter zeg Joeren dru geduecht, fir eng Petitioun iwweel eis Sprooch ze maachen ... **ower mir hu jo mat Rou a Verstännegheet vun den Autoritéite bis haut en décke Pak Sprooch-Wënsch erfëllt kritt;** denkt emol un **d'Sproochgesetz** vun 1984, un de lëtzebuergesche „Verbatim“ am „Chamberblietchen“, un eis Sprooch bei der **Formatioun vu Beamten, un d'Uertschafts- a Stroosseschëlter**, un „eis“ Nimm am Telefonsbuch, un d'Organisatioun vu **Lëtzebuergesche-Coursën** iwweel d'ganzt Land, un **d'Roll vum Lëtzebuergeschen op der Universitët**, un d'Aarbecht fir/iwweel **eis Sprooch am „Centre de langues“**. Dee wichtigsten a fundamentale Wonsch ass **den „Adelsbréif“ vum Lëtzebuergeschen am Grondgesetz**, der Constitutioun vun eisem Land... deem seng Roll esou gutt wéi decidéiert ass... wourop jo herno all Gesetzer, Arrêtéen a Reglementer sech musse bezéien! **E Verglach:** Nouteblieder, jo. Partitur, jo. Instrumenter, an der Rei...mä wie soll wat spillen, a wou soll dee Concert sinn? Resonanz, Lautstärkt (pp-p-mf-f-fff)?

Wa mir en **Iwweel lees mat de Sprooch-Zoustänn vu viru ronn 50 Joer** maachen, da kënn ee mengen, et wier bal net méiglech; et hunn an der Zäit esouguer – soss dichteg – Leit äis dohinnergebass, mir wieren (u-)topeg Dreemerten; d'Sprooch giff souwisou d'Baach eragoen. Haut kënnen mir – ouni bëlleg Bretzei – behaupten, datt d'Lëtzebuergesch ouni eist Gewudders, eis Actioun!, wierklech amgang wier, um ieweschte Späicher ze verstëbsen, ze verblatzen, ze vermuuschten. **Mir waren äis vun Ufank (1971) u bewosst, datt dem Lëtzebuergeschen net eleng mat e puer schéine Bicher, engem „offiziellen Dictionnaire“ oder och mat héichgetrëppelter a respektierter Wëssenschaft gehollef wier.** Mir hu mat eise klenge Mëttele probéiert, alle Leit **d'Lëtzebuergesch „dobaussen an der Praxis“ bewosst ze maachen...** datt onbedéngt misst iwweel si geschwat ginn, sou oder esou: léif, sympathesch, intresséiert, spaasseg... och alt zynesch, arrogant, eefälleg, domm an esouguer gemeng.

Mir wëssen zënter Joer an Dag, datt de Lëtzeburger an hirer grousser Majoritéit, d'Sprooch vum Land méi bedeit, wéi si gemenkerhand wëllen zouginn: Firwat fanne mir dann haut ronn 90 % vun de Familjenannoncen op Lëtzebuergesch? Woufir halen der esou vill op eng Invitatioun, e Menü oder op Lieserbréiwer an eiser Sprooch? Zugudderlescht kënnen mir net vun auslännesche Leit méi Intressen, Sympathie, Respektoder Léift fir d'Lëtzebuergesch verlaangen, wéi mir deer Gefiller selwer dofir hunn!

Dofir: Loosst mer elo, wann no der Petitioun 698 iwweel d'Lëtzebuergesch an seng Roll an der Chamber grad ewéi an der Press an de „soziale Medien“debattéiert gëtt, **verstänneg a manéierlech bleiwen...** esou wéi dat Goldstéck vun eiser Identitéit et verdéngt huet!

Kappduch oder...?

Jidderee ka vun deem Genikabs- a Burkas-Zodi hale wat hie wëllt; de Fong gehéiert net an eis Klack. **Intessant ass ower, datt d'Lëtzebuergesch Wierder op deem Gebitt huet...** mä mir haten nach ni e „Kappduch“. Wann et hinnen e bëssen ze frësch a lëfteg ginn ass, dann hunn eis Meedercher an Dammen nawell gär eppes „op de Kapp gedunn“, an zwar net ëmmer direkt en Hutt, mä **...e Këpp;** hei musse mir äis bei deenen entschëllegen, déi net gär hunn, wa mir hire „Carré Hermès“ domat giffe mengen, wat jo méi e Schal ass! Och wann d'Gesicht bis just op d'Nues, de Mond an d'Ae rondrëm verstoppt war, haten an hu mir e Wuert dofir, z. B. bei de Schoul- oder Krankeschwësteren: **e Bok.** Mä wann d'Gesicht fir de Fues-Spunnes ganz verdeckt ginn ass, da war/ass et e **„Bokes/eng Bokemaul“**. Sou nei si fir eis Sprooch déi Saachen also och alt net...ower fir e bëssen ze schmunzen ass et jo alt gutt!

vum Lex Roth



(Zeechnung: O. Jaminon)

An dir selwer?

Eng Petitioun ënnerschreiw, dat kann eng gutt Saach sinn; perséinlech, konsequent, **selwer eppes am Sënn vun deer Saach eppes maachen, dat ass eng aner Gei.** Jidderee kann sech dach emol mat de Leit vun sengem Gemengerot an de Beamten iwweel d'Stroossennimm an der Uertschaft „ënnerhalen“; näischt géint d'Franséisch, mä déi allermeescht Strossen hu bei de Leit e Lëtzeburger Numm... wann nei Stroosse solle benannt ginn, missten d'Flouernimm, op deenen si leien, wéinstens deelweis erhal bleiwen; viru e puer Joer si fir de Kadaster ronn 40 000 Flouer- a Stroossennimm op Lëtzebuergesch an d'Rei gesat ginn; mir huelen un, datt déi hir voll Rechter an engem Akt a vrun allem bei neie „Lotissementer“ behale missten. **Do ka jiddereen sech op deene richtege Plazen ëmfroen an eppes verlaangen!** Net nëmmen an engem „Humpegespréich“. An eise Veräiner ka jidfer Member sech fir Plakaten a Publikatiounen an eiser Sprooch staarkmaachen. Et dierf een och roueg **systematesch no alle Bicher kucken, déi op Lëtzebuergesch erauskommen,** sief et fir sech selwer oder fir ze verschenken.

Mir sollen äis emol Gedanken driwwer maachen, watfir e „visuellen Impakt“ d'Lëtzebuergesch op jidfer Manéier dobaussen (Plakaten, Schëlter, Reklammen...) op déi Leit huet, déi bei äis kommen oder och nëmmen all Dag op hir Schaff!

Et gëtt esou sëllegen ze maachen; **et dierfen der esou vill aus Léift a Verstand fir d'Saach mat upaken... datt all „Gesetzerei“ bal iwweel flësseg kënt sinn.** Gutt gesot, gelldir, mä...

Zum Beispill

...kënnte mir äis emol alleguer driwwer Gedanke maachen, wéi et da bei äis selwer mam Lëtzebuergesch steet; domat och bei eise Kanner. Dofir brauche mir keng Verfassung, kee Gesetz, kengerlee, keen Arrêté a kee Reglement.

Huel emol nëmmen **eng Saach, déi esou genësseg kréckelt, wa mir dra bäissen: ass déi „knuspereg“?** Neen, déi ass kruppseg! Knuspereg ass nun emol kloer Houdäitsch; genee esou wéi „croustillant“ franséisch a „crisp“ englesch ass. Mat esou „Klenggekeiten“ kritt d'Lëtzebuergesch d'Messer an de Réck, grad ewéi wa mir „hannescht, erëm“ fir dat allerweltst däitscht „zeréck“ einfach trëlle loosse, an natierlech eis Kanner och net „erëmhuelen“ (wat iwweel och en absolutt typesch lëtzebuergeschen Ausdrock ass). Alles net wichteg, gelldir. Mä **wat ass dann elo fir eis Sprooch esou wichteg? Reglementer, oder verstänneg dofir ze schaffen,** datt si net „vergeet“... well dann hëlleft kee „legale“ Wee.

Maja, an dann?

Stellt lech emol vir, elo giff **an der Chamber a vun den Autoritéiten alles „palletti“** gemaach ginn: e schéinen Artikel iwweel eis Sprooch an der Verfassung; e prima gedréintent Sprooch(e)gesetz; Arrêtée vu jidfer Niveau a Reglementer fir all Gebäicher, wat eis Sprooch an hire Gebrauch ugeet. Wow, hurra a vive!

An dann? **Wie setzt dat dann elo alles wéi a wou „a Musek“?** Bräichte mir dann do elo keng zentral Plaz, wou d'Identitéitselement Sprooch souzesoen administrativ verwalt/geréiert giff ginn. Ass et esou dolaanscht, fir **un de Kultur- oder Educatiounsministère en zolitt gebauten/strukturéierten Extra-Service fir eis Sprooch op alle Gebitter „an d'Gitt“ ze huelen.** Mir hëllef ganz gär, esou eng „offiziell“ Saach fir d'Lëtzebuergesch opzebauen.

Eisen Tit Schroeder

De Jos Keup, de Paul Noesen, de Marcel Reuland, den Tit Schroeder sinn eis bescht Lyriker; op jidferent vun hire Gedichter geng eng Melodie oder en Tableau passen. Si brauchen sech net vrun de bekanntste „Lyriker“ aus anere Sproche fir dat „Bannescht“, d'Form an den Ausdrock ze bécken. Den Tit Schroeder ass vrun e puer Joer an senger Heemecht Useldeng fir seng 100 Joer apaart dofir géiert ginn, an zwar mat enger wonnerléiwer Editioun iwweel säi Liewen a seng Gedichter **„Um gaunze Wee“**. Wien et éierlech mat eiser Sprooch mengt, deen dierf dat Buch (fir 30 Euro, mat engem flotte Glossar/Dictionnaire) net verpassen... **ze bestelle beim Syndicat d'initiative Useldeng / Kont CCPL LU41 1111 0167 4965 0000.** Hei en Hierschtgedicht vum Tit Schroeder, dat sech heemlech an dës Joerzäit eranduckelt. All net esou geleefeg Ausdréck sinn extra am Glossar (Vokabulär), deen am Buch läit:

**Den Hierscht ass amgang ze saangen
An den Hecke sidderzt d'Feier Stonn fir Stonn,
Bëscher glousen, Pëpple liichten, feireg Zaange
stëppelen, Bierke flamen an der Owessonn ...
den Hierscht ass amgang all Haunk ze saangen.
An der Färe setzt sech d'Liicht lo zou ...
däischer zitt eng Woulek op – a giel vu Schwiewel
brennt lo d'Sonn ... am Schiet ass d'Laf wéi Lou ...
an den Däiften, an den Dällte waalt e kalen Niewel.**